

OP DE PUNKT.

Februar 2024

© Alain Goedert

MERCI!

Méi no, méi Maacher! Mat iech zesummen huet d'CSV de Wee zeréck an d'Regierung fonnt! Iech alleguer Merci fir Är grouss Ënnerstëtzung!

Mir hunn an de leschte Joren zesumme villes geplangt, villes ëmgesat a villes erreecht! Gréiwemaacher huet sech weiderentwéckelt, awer net zum Nodeel vun de Leit. Am Mëttelpunkt stoung ëmmer de Bierger. D'Liewensqualitéit vun de Leit ass dat, wat mech ugedriwwen huet, a wat mech och als Inneminister weider undreift.

Entscheidung fir d'Liewensqualitéit ass d'Sécherheet. D'Verbesserung vun der Sécherheet ass eng vu meng Prioritéiten: Als Inneminister sinn ech fir d'Police zoustänneg. Ech wäert dofir suergen, dass d'Police déi néideg an och méi Moyene kritt, fir um Terrain méi present ze sinn. Dozou gehéiert och, dass bei der Rekrutierung vun neie Polizisten de Kontingent vun 150 op 200 Leit eropgesat gëtt.

Eng weider Prioritéit ass fir mech d'Ënnerstëtzung vun de Gemengen. Als fréiere Buergermeeschter weess ech, wou de Schong kann drécken. D'Zesummenaarbecht tëschent Gemengen a Ministère verstinn ech als Partenaire, bei deem all Acteur sech am Interessi vun deem aneren abréngt.

**LÉON
GLODEN**

© SIP

Als Inneminister sinn ech och fir d'Immigratioun zoustänneg. Ech setze mech fir eng responsabel Immigratiounspolitik an. Well déi ass Viraussetzung fir eng erfollegräich Integratioun vun de betraffene Leit.

Hei an der Muselmetropol Maacher hu mir gewisen, wéi Schaffen, Wunnen an Zesummeliewe matenee fonctionéiert. Dës positiv Erfahrungen - an domat och e Stéck vun eisem Miseler Way of Life - huelen ech mat an de Ministère, fir dass eist ganz Land dovu ka profitieren!

Merci fir Är Ënnerstëtzung!

LÉON GLODEN

Inneminister



E WIESEL AM ZEECHE VUN DER KONTINUITÉIT

Bei de Budgetsdebatten, déi den 22. Dezember 2023 am Maacher Gemengerot an engem respektvolle Matenee gefouert gi sinn, **hu mir als Maacher CSV-Fraktioun am Gemengerot eis fir Kontinuitéit ausgeschwat.**

Wéi et schonn ënner dem Léon Gloden geschitt ass, sou wëlle mir d'Stad Maacher och an deenen nächste Jore weiderbréngen an d'Liewensqualitéit fir all eis Matbierger:inne stäerken. Et geet eis drëm, d'Virdeeler vun enger klenger Stad am ländleche Raum ze notzen, dat esouwuel fir d'Awunner:innen wéi och fir d'Gäschter. Mir probéieren, d'Wunnen, d'Schaffen, de Sport, d'Kultur an d'Fräizäit „ënner een Hutt“ ze bréngen. A mir vergiessen natierlech dat Soziaalt net. D'Kanner, d'Jugend an d'Senior:inne leien äis och um Häerz.

Och wa mer äis bewosst sinn, datt mer an engem méi schwierigen Ëmfeld „Fouss beim Mol hale“ mussen, wär eng Vollbremsung vun den Dépense grad an dësen Zäiten e schlecht Zeechen.

Dofir geet et eis drëm, eis Prioritéiten, déi mer an der Schäfferotserklärung no de Gemengwale vum 25. Juli 2023 festgeluecht hunn, konsequent ëmzesetzen. Eis Matbierger:inne kennen dës Prioritéiten. Dozou gehéieren ë. a.:

- D'Fäerdegstellung an d'Exploitioun vum neie Centre culturel mat der Busgare an dem ënnerierdesche Parking,
- d'Weiderplangen an e progressiivt Ëmsetze vun erweiderte Schoul- a Maison relais-Infrastrukturen,
- d'Realisatioun vum PAP Pietert – och mat abordablem Wunnraum.

Dat ass bei Wäitem net alles, a mir wäerten eis Matbierger:innen och um Lafenden hale vun allem, wat sech weider deet.

Dofir hu mir den 22. Dezember 2023 net nëmmen de rektifizéierte Budget 2023, mä och de Budget 2024 gestëmmt. **Et ass fir eis e strukturelle Budget vun Optimismus, Courage a Verantwortung zum Wuel vun der Muselmétropol a vun all deene Leit, déi bei äis wunnen a schaffen.**

MONIQUE HERMES, Buergermeeschtesch
LIANE FELTEN, Schäffin
MARTINE COGNIOUL-LOOS,
CARINE SAUER,
MARC URY, Conseillere



**MONIQUE
HERMES**

Buergermeeschtesch

AWUNNERZUEL ENN 2023

- 5.086 (86 verschidden Nationalitéiten)

BONI 2023

- 8.312.713 Euro

AUSSERGEWÉINLECH AUSGABEN & INVESTISSEMENTER 2024

- 32.701.300 Euro
- Mir investéieren 9.258.083 Euro méi 2023 – dat ass e Plus vun 39 Prozent.

HAAPTPROJETEN & INVESTISSEMENTER

- Centre culturel
- Ë. a. mat Photovoltaikanlag, ënnerierdeschem Parking, Busgare a Schweinsmoart
- Renovatioun Haus Nr 3 – Maartplaz
- PAP Pietert
- Weiderplange vun erweiderte Infrastrukture fir Grondschoul a Maison relais
- Lift fir bei de Kolumbarium um Kierfecht
- 3. Phas Muselpromenad
- Réaménagement vu verschiddene Stroossen
- Nei Gemengegefiierer

WICHTEG INVESTISSEMENTER AN D'LIEWENS-QUALITÉIT VUN DE MAACHER LEIT.

Fotoen: © Alain Goedert





☐ Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm _____ Virnumm _____

Beruff _____

Gebuertsdatum _____ Nationalitéit _____

Adress _____

PLZ _____ Uertschaft _____

E-mail _____ Tel _____

Den ____ / ____ / 2024

ZESUMME FIR EIS GEMENG

Äntwert un / Répondre: CSV-Generalsekretariat – B.P. 826 — L-2018 Luxembourg oder Online: csv.lu/member-ginn